



Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2774 vum 12. August 2025 vum éierbaren Deputéierten Tom Weidig betreffend « Sanctions de la CSSF contre la Spuerkeess et la BGL BNP Paribas dans le contexte du scandale Caritas »

1. D'CSSF hat schonn 2018 zu deem Thema eng Enquête bei der Spuerkeess duerchgefouert. Wéi eng Lacunne goufen deemools festgestallt a wat waren d'Conclusiounen?

No enger Kontroll an de Joren 2018 bis 2020 krut d'Bank d'Konklusiounen vun dëser Kontroll a Form vun engem Injonktiounsbréiw geschéckt.

Als Äntwert op d'Observatiounen vum Regulateur huet d'Bank sech engagéiert eng Rei Moosnamen am Wesentlechen a follgende Beräicher ëmzesetzen:

- D'Modalitéiten vum Filteren vun Transaktiounen a prospektiv Clientë par rapport zu de Sanktiounsleschten;
- D'Modalitéiten vun der Iwwerprüfung vun der Vollstännegkeet vun den Informatiounen an de Paiementsmessagen;
- D'Berechnungsmethod vum Risikoniveau vun der Clientèle, fir ënner anerem méi staark déi potentiell méi héich Risikofacturen ze berücksichtegen;
- D'Iwwerwaache vun den Transaktiounen an d'Frequenz vun der periodescher Dossierrevisioun.

2. Gouf d'Ëmsetze vun den Injonctiounen kontrolléiert? Wa jo, wéi sinn si kontrolléiert ginn an a wéi enger Zäitspan? Wann nee, aus wéi enge Grënn net?

D'Responsabilitéit iwwert d'Ëmsetze vun de Moosnamen läit bei der Bank, déi sech esou organiséiere muss, dass se de Suivi maache kann.

3. D'CSSF hat 2024 zum selwechten Thema eng Enquête bei der BGL BNP Paribas duerchgefouert. Wéi eng Lacunne goufen deemools festgestallt a wat waren d'Conclusiounen?

D'Kontrolle bei der BGL BNP Paribas hu sech an éischter Linn dorobber bezunn, ob d'Bank sech un d'Reegele fir d'Verhënnerung vu Geldwäsch a Finanzéierung vum Terrorismus hält. Dobäi gouf virun allem nogekuckt, ob d'Bank de Risiko vun hire Clientë richteg aschätzt an ob si passend Kontrollmoosnamen ëmsetzt, am Besonnesche beim Iwwerwaache vun Transaktiounen. Heibäi goufe keng strofbar Verstéiss oder Feeler festgestallt.

4. Gouf d'Ëmsetze vun den Injonctiounen kontrolléiert? Wa jo, wéi sinn si kontrolléiert ginn an a wéi enger Zäitspan? Wann nee, aus wéi enge Grënn net?

Sou wéi d'CSSF am Communiqué vum 30. Juli 2025 matgedeelt huet, ass den Dossier fir si, wat d'BGL BNP Paribas ugeet, ofgeschloss.

5. Firwat huet d'CSSF d'Resultater vun der Enquête géintiwier der BGL BNP Paribas net ëffentlech gemaach, am Géigesaz zu de Resultater vun der Enquête géintiwier der Spuerkeess?

Am Kader vun der Caritas Fraude huet d'CSSF Enquête gemaach souwuel bei der Spuerkeess, wéi bei der BGL BNP Paribas. Wéi dës Aarbechten ofgeschloss waren, huet d'CSSF den 30. Juli 2025 zwou



Informatione verëffentlecht: eng Kéier eng Sanktioun géigeniwwer der Spuerkees, ënnert dem sougenannte Geldwäschegesetz. Des Weideren huet d'CSSF e Communiqué publizéiert fir ze bestätegen, dass si och Analyse bei der BGL BNP Paribas gemaach huet, déi net zu enger Sanktioun geféiert hunn. Dëse Communiqué berout um Artikel 43 (1) aus dem Gesetz vum 5. Abrëll 1993 iwwert de Finanzsektor, deem et der CSSF erlaabt eng Publikatioun ze maache, wann den Intérêt public dat justifiéiert. D'CSSF war der Meenung, dass dat hei de Fall war.

6. Vu wéini un hat de Staat – deem zu 100 % Aktionär bei der Spuerkeess an zu 30 % Aktionär bei der BGL BNP Paribas ass – Kenntneser vun dësen Injonktiounen?

De Staat, an deem Fall vertrueden duerch de Finanzminister, ass via Representanten vum Staat an dem Conseil vun de respektive Banken iwwert d'Decisiounen vun der CSSF informéiert ginn, soubal dës der Bank zougestallt goufen, an de Conseil dovunner an d'Bild gesat ginn ass.

7. Wat ass d'Regierung gewëllt ze ënnerhuelen, fir d'Vertraue vun de Clienten an dës Banken, déi ënner hirer Kontroll sinn, nees zeréckzegewannen?

D'Regierung bedauert, dass véier Joer no engem éischten Injonktiounsbréiw (*lettre d'injonction*) vun 2020 d'CSSF festgestallt huet, dass de System fir d'Iwwerwaachung vun Transaktiounen vun der Spuerkeess, trotz de Verbesserungen, déi gemaach goufen, nach ëmmer strukturell Mängel opweist an dass d'Bank eng nei administrativ Strof kritt huet.

No der Iwwermëttlung vun den Observatiounen vun der Iwwerwaachungsautoritéit sinn direkt verschidde Moosnamen an d'Weeër geleet ginn, fir d'Situatioun ze behiessen:

- D'Spuerkeess huet am Zuch vun den Investigatiounen vun der CSSF ee Plang vu Korrekturmoosnamen opgestallt, mat konkrete Moosnamen, déi no engem festgeluechten Zäitplang ëmgesat solle ginn. De Verwaltungsrot vun der Spuerkeess wäert d'Ëmsetzung vun deem Plang no engem Kalenner, dee vun der Direktioun opgestallt gouf, enk suivéieren, fir esou ze verhënneren, dass änlech Verstéiss sech an Zukunft widderhuelen.
- Zousätzlech huet de Verwaltungsrot decidéiert, e spezialiséierte Sous-Comité „stratégie technologique et innovation“ anzeféieren, fir den technologeschen Entwécklungsplang vun der Bank besser ze guidéieren – och am Sënn vun der Prioriséierung an der Weiderentwécklung vum internen a regulatoreschen Kontrollsystem.
- De Kommissär (*commissaire de surveillance*) huet donieft am Numm vum Proprietär dem Verwaltungsrot proposéiert, eng international Beroderfirma mat grousssem Wëssen an deem Sektor ze beoptragen, fir eng onofhängeg Evaluatioun vun der Maturitéit vum System vun der Bank am Beräich vun der Bekämpfung vu Geldwäsch an Terrorismusfinanzéierung (LBC/FT) duerchzuféieren, dëst am Liicht vun de regulatoreschen Ufuerderungen an de beschte Praktiken am Sektor.

Dës Evaluatioun huet Verbesserungsméiglechkeeten vum aktuelle Kader identifiziéiert, fir esou nohalteg Äntwerten op déi identifiziéiert Risiken ze ginn.

Op Basis vun dëser Evaluatioun gëtt bis Mëtt November, zesumme mam uewegenannte Beroder, ee Plang ausgeschafft, mam Fokus op Moosnamen a Beräicher, déi net vun de



schonn decidéierte Korrekturmoosnamen ofgedeckt sinn, mee déi e wichtigen Hieweleffekt hunn, fir d'Qualitéit vum LBC/FT-System ze verbesseren.

- Eng éischt Ëmsetzung vun dëse Recommandatioune gesäit ënnert anerem Moosnamen um Niveau vun der Gouvernance vir: Stäerke vun der Roll vun der Compliance-Funktioun, Kloerstellung vun de Reegele fir d'hierarchesch Eskalatioun, Verstärke vun der Zesummenaarbecht tëscht deenen dräi Verdeedegungslinnen oder nach d'Limitatioun vun de Mandater, déi vun de Membere vun der Direktioun an anere Gesellschaften ausgeübt ginn, dëst mam Zil d'Disponibilitéit vun de betraffene Persounen op déi strategesch Erausforderungen a Prioritéite vun der Bank hirer Entwécklung ze konzentréieren.

8. Gedenkt d'CSSF hire System vu Kontrollen am Híbléck op de Caritas-Skandal an déi entspriechend Sanktiounen ze verbesseren?

D'CSSF gesäit keen Ulass fir hire Kontrollsystem ze änneren.

Lëtzebuerg, den 8. September 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth